# Rapport Referees' Comission - 22.10.2019

Uwiesend : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Weinzierl, Frieden, Nesser, Simonelli, Courtois,

Entschëllegt : Pascalicchio, Weber

1) ***Adoptioun vum Rapport Referees' Comission vum 03.09.2019***

2) ***Arbitter C-Cours***

De Cours ass vum 25 bis den 27. Oktober 2019 um INS. 15 Kandidaten sinn ugemellt.

3) ***Cours JA - jeunes arbitres***

De 17. November 2019 gëtt nach ee Cours JA proposéiert. De Cours ass vun 09h30 bis 12h00 an der COQUE !

4) ***Videoanalyse A Arbitter***

Ee Cours mat Videoanalyse fir A-Arbitter ass den 30.11.2019 vun 09h00 – 12h00 zu Stroossen.

All déi aner Arbitter sinn natierlech wëllkomm fir matzemaachen.

5) ***Cours Sekretär/Chronométreurs***

RefCom organiséiert 2 Coure fir Sekretär/Chronométreur zu Stroossen an der Maison des Sports.

Samschdes, den 23. November 2019 09h30 op Lëtzebuergesch

Mëttwochs den 27. November 2019 19h00 op Franséisch

Leit sollen sech w.e.g. op arbitre@flh.lu - Mentioun « Cours sec/chrono » umellen.

E separaten SBO Cours gëtt am Dezember nach eng Kéier ugebueden!

6) ***Equipement Spiller***

RefCom wëll d'Clibb, mee och d'Arbitter nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Ärem vun den Thermo-Ennerhiemer MUSSEN déi selwecht Faarf wéi d'HAAPTFAARF vum Trikot hunn.

Ielbouschoner an enger anerer Faarf sollen och als Ielboouschoner gedroe ginn, net als Thermo. D.h. : iwwert den Ielebou, awer net de ganzen Aarm.

7) ***Projet "nei Arbitter"***

D'Zesummenaarbecht mat anere Sport Federatiounen zu Lëtzebuerg fir nei Arbitter ze rekrutéieren bréngt net déi richteg Friichten. De Patrick Simonelli an de Francis Keiffer sichen no méiglechen Alternativen.

8) ***Arbitterkaarten***

De Georges Frieden kuckt dass d'Arbitterkaarte fir d'Saison 2019-2020 esou séier wéi méiglech kënne verdeelt ginn.

9) ***Arbitteruniformen***

RAPPEL - déi Arbitter déi nach net de komplette Set vun Uniformen hunn, sollen dës bis Enn dës Joers ofhuelen. Ab Januar ginn et keng méi. RV huelen w.e.g.

LUPA69
1, rue de la Colline
Mondercange

10) ***Austausch mat RPS / WHV***

Den Austausch mat den däitsche Kollegen leeft ganz gutt. Koppelen déi op Lëtzebuerg kommen an Matcher fir si, si fixéiert.

Och den Austausch mam Wiener Handball Verband gëtt konkret. Si hu schonns eng Koppel nominéiert. Detailer sinn am Gaangen ausgeschafft ze ginn

11) ***Filme vu Matcher***

RefCom freet den CA ob et méiglech ass d' Matcher vun enger erhéichte Platz ze filmen, esou dass all Platzen um Terrain kënne gefilmt ginn. Dëst soll am Beschte vun der Tribün aus gemaach ginn, mee ouni Käpp oder Pottoen am Wee ze hunn.

Esou kann de Video uerdentlech genotzt ginn, an et gëtt e méi kloren Abléck vun deene verschiddene Spillsituatiounen.

12) ***Test Arbitter***

E leschte Repéchâge fir all déi Arbitter déi den Examen nach net gepackt hunn, ass den 23. November 2019 um 10h00 zu Stroossen an der Maison des Sport. Déi respektiv Leit ginn informéiert.

Nächst RefCom den 26.11.2019 um 18h00 zu Stroossen